PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/07/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An engem Wort-Artikel vum 28ten Juni seet de Gilles Feith, Chef vun der Luxair: "Neue Strecken gehören ebenfalls zur künftigen Luxair-Strategie, aber noch hält sich die Airline bedeckt mit konkreten Plänen." Nei Destinatiounen kéinnte besonnesch fir déi Lëtzebuergesch Ekonomie interessant sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäert d'Regierung sech dofir asetzen, dass bei de neie Strecken, déi fir d'Luxair potenziell a Fro kéimen, och Destinatiounen dobäi sinn, déi fir déi Lëtzebuergesch Ekonomie besonnesch interessant kéinte sinn, zum Beispill New York?

2. Wei eng Ureizer wier de Wirtschaftsministère eventuell bereet ze proposéieren, fir dass Destinatiounen, déi och am Interêt vun der Lëtzebuerger Ekonomie sinn, ugesteiert géife ginn?

3. Ass e Ministère an der Sich no neien Destinatioune fir d'Luxair involvéiert? Wa jo, wéi een ass dat?

4. Hunn d'Ministere Kenntnis doriwwer, ob bis elo an engem Verwaltungsrot d'Sich no neien Destinatioune beschwat gi sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten